1-2021-O-M-7147-01 (n° 3884)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Depot : Fernand Kartheiser

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, de 7. Juni 2022

## MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- d'Energiepräisser a besonnesch d'Präisser vum Bensinn, vum Diesel a vum Brennes, wärend de vergaangenen zwee Joer a kuerzen Zäitofstänn ëmmer nei Rekordniveauen erreecht hunn, a sech keen Enn vun dëser Entwécklung undeit;
- datt de Krich an der Ukrain an d'Sanktiounspolitik géintiwwer Russland dës Dynamik nach eemol verschäerfen;

ass sech bewosst, datt

- d'Energiekäschte fir jiddereen, ganz besonnesch och fir déi sozial méi schwaach Leit, liicht finanzéierbar musse bleiwen;
- d'Kompetitivitéit vun eise Betriber muss integral erhale bleiwen, inklusiv vun deene besonnesch energieintensive Betriber;
- déi Leit, déi um Land wunnen an/oder wéineg verdéngen, souwéi d'Transportbetriber, besonnesch ënnert dëser Entwécklung leiden;
- déi aktuell Entwécklung och duerch den héijen Akafspräis um Weltmaart beaflosst gëtt, mee datt d'Präisser un der Pompel den Ablack wäit iwwert dem Niveau wéi zu Zäite vun änlechen Akafspräisser an der Vergaangenheet leien;
- eis däitsch Noperen d'Steieren um Bensinn op den 1. Juni deementspriechend ëm 30 Cent/Liter an d'Steieren um Diesel ëm 17 Cent/Liter erofgesat hunn an och an aneren Nopeschlänner Mossnamen an deem Sënn geholl goufen;
- e Präisniveau vum Bensinn a vum Diesel iwwert deem vun eisen Nopeschlänner sech negativ op de Staatsbudget auswierkt;

fuerdert d'Regierung op,

- e Gesetzesprojet op de Wee ze bréngen, fir e Präismechanismus ze etabléieren, deen dofir suergt, datt d'Präisser fir déi verschidde Pëtrolsproduiten zu Lëtzebuerg ëmmer ënnert dem bëllegste Präisniveau fir dee selwechte Produit an eisen Nopeschlänner läit.

Fernand Kartheiser

ADR - Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742